Coupe Patrick Riehl 2017

Haut Samschdes den 11. Mäerz 2017 hate mir eis zu Lamadelaine op de Weiere getraff fir déi 4. Editioun vun der Coupe Patrick Riehl auszefëschen. Och Haut waren erëm 16 gutt gelaunte Fëscher vum Fly Fishing Club ugetruede fir zesumme bei schéinstem Fréijoerswieder een interessant Frëndschaftsfëschen auszedroen, am Gedenken un eise vill ze fréi verstuerwene Fëscherkolleg, de Patrick Riehl. Mir haten eis am Virfeld ee bësse Gedanke gemaach ewéi mir déi Saachen déi bei der leschter Editioun vun eisem Frëndschaftfëschen net esou gutt geklappt hate konnten dës Kéier evitéieren, esou hate mir esou laang ronderëm gedoktert bis mir eng Opdeelung vun de Stänn fonnt haten déi et de Fëscher erlabe sollt bei all Manche de Weier ze wiesselen, och hate mir dëst Joer deen drëtte Weier mat bäi geholl esou dass och all Stand esou grouss war dass d´Fëscher gutt geheie konnten. Ugaangen ass et awer ewéi all Joers mat der Equipe ronderëm déi zwee Jempien déi Moies fréi d´Stänn gesat hunn. Sie waren dëst Joer vum Patrick ënnerstëtz ginn deen als Éischten ugetruede war a fräiwëlleg direkt eng Hand mat ugepaakt huet. Dat war schonn eng ganzt lëschteg Ronn a d´Virfreed op dee bevirstoenden Dag war scho richteg grouss. Als Belounung fir déi gutt Aarbecht huet den Alain eis mat enger gudder Taass Kaffi verwinnt.

Mir waren eis dann och direkt eens, hunn mir dach ëmmer fir eist Frëndschaftsfësche schéint Fréijoerswieder, dass de Patrick ee gutt Wuert fir eis beim Péitruss ageluecht hat, wéi sos wär et ze erklären dass et am Ufank vun der Woch nach eréi mat Eemere gereent huet a wat et méi op den Enn vun der Woch duer gaangen ass, wat Wieder ëmmer besser ginn ass.

Ugaangen ass et eréi ëmmer mam aschreiwen an der Verlousung vun den Equippen, hei schléit natierlech d´Stonn vun de Stëppeler an et ass net mat Kommentare gespuert ginn eréi, "Oh Nee fëschen déi zwee Patricken zesummen da brauche mir jo net méi unzetrieden" oder "wann ech mam Eugéne fëschen, muss ech mir Stëpp an d´Ouere maachen" asw. Nu Jee alt deen normale Beschass deen einfach zu esou engem Frëndschaftsfëschen dozou gehéiert.

Héich erfreet ware mir dass sech véier jonk Fëscher afonnt hate fir mat eis zesummen ze fëschen an ze guer d´Verlousung erginn hat dass zwee vun Hinnen, de Joé an de Pitt, an eng Equipe geloust gi ware mee och de Luca an de Ben hunn sech beschtens mat hire jeeweilegen Equippe - Komerode verstanen an hun sech formidabel geschloen.

Mir haten, och ewéi all Joers, 20 € Participatioun gefrot déi ausschliisslech a Fësch investéiert gi sinn. Moies war et zimlech zéi lass gaangen an et huet schonn eng Zäitche gedauert bis d´Fësch aktiv gi sinn och wann dëst Joer net esouvill Fësch gefaange gi si wéi dat scho mol an der Vergaangenheet de Fall war. Mee dat konnt awer net verhënneren dass mir ee flotten Dag ënnert Gläichgesënnte bei eiser Passioun, dem Méckenfëschen, verbruecht hunn. Et sinn och dëst Joer erëm verschidden aussergeweinlech Fësch gefaange ginn, esou hat de Joé scho Moies een Hiecht vu 60 cm gefaangen a konnt Mëttes och nach ee Graskaarp op d´Schuppe leeën an och déi eng oder aner méi déck Forell ëm déi 50 cm si gefaange ginn.

Nodeems déi zwou éischt Manche vu jeeweils enger Stonn gefëscht waren ass et dann zum éischten Héichpunkt vum Dag komm andeems d´Choucroute opgedëscht ginn ass. Natierlech hate mir no deem ustrengende Fëschen ee gesonden Appetit un den Dag geluecht an esou huet och keen sech fléiwe gelooss bei deene ville gudde Saachen, dat ass jo eppes wat mir jo och besonnesch gutt

kënnen. Den Alain hat nawell anstänneg opgedëscht an et huet un Näischt gefeelt dat zu esou enger Choucroute dozou gehéiert an duuschtereg ass och Keen vum Dësch gaangen.

Mëttes sinn dunn nach zwou Manche gefëscht ginn, am Laf vum Mëtte sinn och ee puer Wolleken opgezu mee mir konnten eis awer net mam Wieder bekloen. Natierlech si Mëttes net méi grad esouvill Fësch gefaange gi wei Moies an awer konnte bis déi leschten Tut ëmmer nach Fësch gefaange ginn. Esou konnt ech selwer mat mengem Equipier, dem Eugéne, an der leschter Manche nach fënnef Fësch fänken.

Am Laf vum Mëtte war schonn eise President de Jeek agetraff, Hien mécht sech all Joers eng Éier draus fir zum Ofschloss d´Resultater ze verkënnegen an der Gewënnerequipe d´Coupe Patrick Riehl

ze iwwerreechen. Dëst Joer huet d´Equipe Ben Pauly / Gérard Bertholet mat gudden 22 Fësch gewonnen, déi Zweet waren d´Equipe Eugéne Schaack / Luss Dilk mat 15 Fësch an ofgeronnt huet de Podium d´Equipe Luca Lepage / Jemp Hoffmann mat gudden 9 Fësch.

d´Gewënner 2017 Ben Pauly / Gérard Bertholet

Och dëst Joer war d´Coupe Patrick Riehl een Erfolleg, d´Fëscher ware mat vill Äifer bei der Saach an och wann et ee Frëndschaftsfëschen ass huet Jiddereen säi Bescht ginn. Och d´Fëscherkollegen déi an Equippe gefëscht hunn haten sech gutt ënnerenee verstanen. Eis jonk Fëscher hunn sech Alleguerte gutt geschloen a mam Ben dee jo zesumme mam Gérard gefëscht huet jo ze guer ee jonke Fëscher dës Editioun gewonnen och wann dat awer iwwerhaapt kee verwonnere konnt war de Ben dach schonn a senge jonke Jore Lëtzebuerger - Meeschter am Méckefëschen an huet schonn ee puer Mol un Weltmeeschterschaften am Méckenfëschen deel geholl. Och de Joé an de Pitt hunn sech gutt druginn an et war eng Freed hinnen Zwee no ze kucken.

De Luca senger Säits hat och nach nom offiziellen Deel net genuch vum Fëschen a mir hunn Hien scho misse bei de Weier siche goe fir Him seng Fläsch Schampes ze iwwerreechen déi Hien fir déi drëtte Plaz gewonnen hat a wei mir eis esou lues op den Heemwee gemaach hunn do war Hien nach ëmmer am Gaangen ze fëschen.

d Schluss - Resultat vum Frëndschaftsfëschen
Coupe Patrick Riehl 2017

1.	Plaz	Ben Pauly / Gérard Bertholet	22 Fësch
2.	Plaz	Eugéne Schaack / Luss Dilk	15 Fësch
3.	Plaz	Luca Lepage / Jemp Hoffmann	9 Fësch
4.	Plaz	Patrick Bartholmé / Patrick Scheid	8 Fësch
5.	Plaz	Joé Bartholmé / Pitt Bertholet	7 Fësch
6.	Plaz	Patrick Bertrand / Dan Muno	7 Fësch
7.	Plaz	Raym Paulus / Roger Garca	5 Fësch
8.	Plaz	Jemp Nicolas / Marc Duton	4 Fësch